# Unerkennung vu Palästina an Fuerderung vu Sanctiounen fir Isreal

## Opléschtung vun all eise Fuerderungen op engem Bléck

Mir fuerderen:

- Eng direkt an bedéngungslos Unerkennung vum Palästinensesche Staat
- D'Suspensioun vum EU-Israel Ofkommes op nationalem, wéi och europäeschem Level
- Eng Annulatioun vun alle **Waffenexportlizenzen an e Verbuet fir Lëtzebuerger Firmen, mat Israeeleschen Militärproduzenten** zesummenzeschaffen
- Eng onofhängeg Iwwerpréiwung a Suspensioun vun allen nationalen an EU-finanzéierte Fuerschungs- a Technologiekooperatiounen mat israeelesche Sécherheets- an Iwwerwaachungsinstitutiounen
- Solidaritéit vun Lëtzebuerger Journalist.innen mat Kolleeg.innen a Gaza
- Drock vum Ausseministère op Israel fir den Accès vun der Internationaler Press an der Gazasträif ze garantéieren

De franséische Präsident huet de 24. Juli annoncéiert[1], Palästina als Staat offiziell unzeerkennen. Doropshin huet sech och d'Lëtzebuerger Regierung oppe gewisen, dem franséische Beispill nozegoen an "tendéiert" elo dozou, Palästina unzeerkennen[2]. Dass den Akt vun enger Unerkennung just elo stattfanne soll, obwuel de Weste Joerzéngte laang Zäit hat et ze maachen, ass en Hon. Dass dës Länner och nach weider Waffen un Israel liwweren[3], oder wéi z. B. Däitschland, Sanktioune weiderhi komplett blockéieren[4], weist dass et sech hei just em eng reng Symbolpolitik handelt. Mir wëllen als jonk Lénk dës Politik vum strategeschen Näischtmaachen a profitorientéiert Excusë sichen net belounen!

Den Ufankspunkt vun dësem Konflikt ass net um 7. Oktober 2023 ze situéieren. Déijéineg déi dat behaapten hunn en ahistorescht Bild vun der Gewalt an dëser Regioun. D'Gewalt huet nämlech mat der Nakba 1948 ugefaangen. D'Israeelesch kolonial an expansionistesch Siidler-Politik ass säitdeem gepräägt vu Gewalt, Ënnerdréckung, Dehumaniséierung, Enteegnung a vun enger illegaler Besatzung vum palästinenseschen Territoire. Dës Politik huet sech iwwert déi lescht Joerzéngte verstäerkt an huet sech no der Attack vum 7. Oktober 2023 an eng reng genozidär Politik verwandelt. Déi momentan orchestréiert Hongersnout, déi Frankräich ewell als Argument fir d'Unerkennung gëtt, ass Deel vun dëser Strategie.

D'israeelesch Regierungsmembere verstoppen hir genozidär Intentioune kaum, si verkënnege se souguer oppen an hiren Erklärungen a gesinn déi ganz

[1] https://apnews.com/article/france-recognize-palestine-state-macron-800ed63143f0653a7f215ad96f7038d3
[2] https://www.tageblatt.lu/headlines/xavier-bettel-luxemburg-tendiert-zu-palaestina-anerkennung/
[3] https://taz.de/Waffenexporte-nach-Israel/!6069183/
[4] https://www.spiegel.de/ausland/deutschland-blockiert-eu-sanktionen-gegen-israel-a-89445ff8-4357-43a8-97ea-a9961fcf9f41

Mënscherechtsverbriechen als Verwierklechung vun hire mënscheveruechtende Pläng[5]. Säit bal zwee Joer, hu si hir Iddien a Realitéit ëmgesat, a mir konnten et all live op eise Bildschiermer matverfollegen. D'israeelesch Occupatiounsarméi huet systematesch an ouni Récksiicht op Verloscht d'zivil Infrastruktur, dorënner Spideeler[6], Schoulen, Moscheeën[7], Kierchen an Haiser bombardéiert a komplett zerstéiert. D'palästinensesch Bevëlkerung gouf, ënnert dem Virwand Zivilisten.inne wëllen ze beschützen, vun enger Evakuatiounszon an déi nächst gejot. Och dës "Evakuatiounszone" goufe bewosst net vun den endlose Bombardementer vun der Israeleescher Arméi verschount.

D'Grausamkeet vun der Israeelescher Regierung fënnt duerch z.B. eng Instrumentaliséierung vum Accès vun humanitärer Hëllef an der Gazasträif[8] ëmmer méi perfid Ausdrocksformen. Dëse Phänomen ass bei wäitem keen neien: säit Joerzéngte schonn erweidert Israel, entgéint Internationalem Recht, seng Kontroll iwwer dat, wat an der Gazastrëif raus- a rakomme kann[9]. Nodeems d'Israeelesch Regierung all déi International Hëllefsorganisatiounen, wéi d'UNRWA an d'UN diskreditéiert huet, ass hir Kontroll iwwert den Zougang vun humanitärer Hëllef komplett[10].
Dat wat scho virdrun net duergaangen ass, ass säit Mäerz 2025 drastesch reduzéiert ginn. An der Gazastrëif gesi mir eng akut Hongersnout; déi verzweifelt Palästinenser.innen déi no Iesse sichen, souguer déi ginn Affer vun enger systematescher Ermordung duerch d'Israeelesch Arméi[11].

Dass d'Israeelesch Regierung just no Internationalem Drock elo schäinhelleg e Minimum vun humanitärer Hëllef "garantéiert" ass ee kloert Zeechen, dass den Honger als Krichswaff mëssbraucht gëtt. Dat stellt eng konkreet Violatioun vun internationalem humanitäre Recht duer an ass och als kloert Krichsverbriechen unzegesinn.

**Wat mécht Lëtzebuerg?**

Duerch Inaktioun a weider Kooperatioun mam Israeelesche Staat, mécht sech Lëtzebuerg net nëmmen op eng moralesch, mee och op enger materieller a legaler Basis matschëlleg um Leed a Genozid vun der Palestinensescher Bevëlkerung a Gaza.
Lëtzebuerg, via d'Europäesch Unioun, mécht weiderhi wuertwiertlech **"Business-as-usual"** ënnert dem EU-Israel Associatiouns-Ofkommes[12]. Zousätzlech weigert sech d'Regierung de "Bureau de commerce" zu Tel-Aviv zouzemaachen. Lëtzebuerg huet weiderhi **Waffenexportlizenzen** am Wäert vun iwwert 670 Dausend Euro[13] un Israel erdeelt a bréngt

[5] https://www.alhaq.org/FAI-Unit/26257.html
[6] https://news.un.org/en/story/2025/04/1162491#:~:text=A%20mounting%20humanitarian%20crisis,the%20start%20of%20the%20conflict
[7] https://www.france24.com/en/live-news/20250116-gaza-s-destruction-in-numbers
[8] https://www.spiegel.de/ausland/gaza-krieg-die-palaestinenser-hungern-und-israel-startet-eine-propagandaoffensive-a-8d5eb96a-0f80-4ef1-9f27-0a4cb5a60b8e
[9] https://www.theguardian.com/world/2023/oct/25/un-report-80-per-cent-of-gaza-inhabitants-relied-on-international-aid-before-war
[10] https://unctad.org/news/economic-and-trade-conditions-occupied-palestinian-territory-would-improve-if-israel-fulfils
[11] https://euromedmonitor.org/en/article/6795/Starving-civilians-in-northern-Gaza-lured-to-aid-sites-and-executed,-revealing-brutal-pattern-of-Israel%E2%80%99s-genocide
[12] https://eeas.europa.eu/archives/delegations/israel/documents/eu_israel/asso_agree_en.pdf
[13] https://aoav.org.uk/2024/who-is-arming-israel-other-global-exports-to-israel/

Subsidiären vun Elbit Systems ënner, déi Waffen déi géint Zivilist.innen a Gaza benotzt ginn[14], liwweren. Duerch seng Participatioun un d'Initiativ wéi PERSCO[15], Horizon Europe[16], a private Tech Firme wéi SES[17], dréit Lëtzebuerg och zur Israeelescher Iwwerwaachungs- a Repressiounspolitik esou wéi zur Militärinfrastruktur bäi, Lëtzebuerg däerf net weider e Kompliz sinn vum Development oder Export vun digitaler Repressioun, di geint Zivilist.innen a Menscherechtsaktivist.innen benotzt gëtt. Dofier fuederen déi jonk Lénk eng onofhängeg Iwwerpréiwung a Suspension vun allen nationalen an EU-finanzéierten Fuerschungs- a Technologiekooperatiounen mat israelesche Sécherheets- an Iwwerwaachungsinstitutiounen.

Obwuel Lëtzebuerg sech internationale Gesetzer, z. B. dem Arms Trade Treaty[18], an der Universeller Mënscherechtscharta verpflicht huet, ignoréiert d'Regierung ganz bewosst déi sëlleg Violatioune vun der Israeelescher Regierung an hirer Arméi. D'politesch a materiell Ënnerstëtzung duerch de Lëtzebuerger Staat normaliséiert d'Brieche vum Internationale Recht, dréit zu Krichs- a Mënscherechtsverbrieche bäi a stäerkt just autoritär mënscheveruechtend Politiker.innen weltwäit. Dofir fuerdere mir d'Suspensioun vum EU-Israel Ofkommes op nationalem, wéi op Europäeschem Level.

Lëtzebuerg stëmmt bei de Vereenten Natioune reegelméisseg fir d'Rechter vum palästinensesche Vollek (z. B. Resolutioun ES-10/22[19]), mee weigert sech bis haut Palästina als Staat unzeerkennen. Obwuel d'Chamber 2014 eng Motioun am Sënn vun enger Unerkennung ugeholl huet, koume vun de verschiddene Regierung just Excusë fir et net ze maachen. Dat stellt eng kloer Hypokrisie duer, virun allem wann ee bedenkt, dass de fréieren Ausseminister Jean Asselborn schonn 2019 eng EU-wäit Unerkennung gefuerdert hat[20]. De Staat Palästina soll endlech offiziell an ouni Konditioune vun der Lëtzebuerger Regierung unerkannt ginn. Eng Unerkennung ass den absolutte Minimum vun deem wat diplomatesch a politesch kann ënnerholl ginn. Dat géif en Zeeche géint illegal Annexiounen a géint ethnesch Rengegung, a fir internationaalt Recht setzen.

Zanter Oktober 2023, sinn a Gaza iwwer 200 Journalist.innen[21] a Medienaarbechter.innen gestuerwen[22]. Dëst ass domat den déidlechste Konflikt fir d'Press an der rezenter Geschicht. Israel huet der onofhängeger internationaler Press den Accès an den Territoire verspaart. Just lokal Reporter.innen sinn also um Terrain fir d'Zerstéierung ze dokumentéieren an vun hir ze beriichten. Vill sinn och elo akut vum Honger an cibléierter Gewalt bedrot. D'UN OGCHR warnt dofir dass ënnert dësen Ëmstänn keng wierklech Pressefräiheet kann existéieren[23].

---

14 https://www.letzactforpalestine.com/how-you-can-help/learn-more/luxembourg-israel-ties

15 https://www.consilium.europa.eu/en/policies/defence-cooperation/pesco/

16 https://ec.europa.eu/programmes/horizon2020/en/h2020-section/security

17 https://www.spacewatch.global/2018/10/ses-and-israel-based-nsat-combine-efforts-on-satellite-connectivity/

18 https://thearmstradetreaty.org/

19 https://docs.un.org/en/A/ES-10/PV.49

20 https://www.newarab.com/news/2019/12/10/luxembourg-urges-eu-debate-on-palestine-recognition

21 https://cpj.org/full-coverage-israel-gaza-war/

22 https://cpj.org/2024/10/one-year-and-climbing-israel-responsible-for-record-journalist-death-toll/

23 https://www.un.org/unispal/document/ohchr-there-can-be-no-talk-of-a-free-press-in-the-occupied-palestinian-territory-if-journalists-are-being-killed-and-threatened-for-their-work/

Mir ruffen dofir all Lëtzebuergesch Journalisten a Journalistinnen dozou op, sech mat hire Kolleegen a Kolleeginnen a Gaza solidaresch ze weisen, andeem se Accès fir d'International Press an de besatene Territoirë fuerderen, d'Ermordung vu Journalist.inne condamnéieren, an d'Situatioun mat Déift, Neutralitéit an Urgence couvréieren. De Lëtzebuerger Ausseministère muss Israel ëffentlechen Drock maachen, fir der internationaler Press onlimitéierten Accès a Gaza ze ginn.

Wann ee Staat eng Zivilbevëlkerung massakréiert a verhéngere léisst; déi Leit déi d'Krichsverbriechen dokumentéieren, geziilt viséiert ginn, dann bedeit eng weider Kooperatioun mat dësem Staat Komplizitéit.

En face vun engem Genozid ass et eng moralesch Obligatioun all Komplizitéit ze beendegen, sech solidaresch mat den Affer ze weisen an alles an eise Moyenen ze ënnerhuelen fir de Genozid ze beendegen. D'Geschicht huet eis d'Konsequenze vun der Inaktioun gewisen. D'Regierung muss des Responsabilitéit eescht huelen!

déi jonk Lénk